LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

**Äntwert vum Wunnengsbauminister op déi parlamentaresch Fro n°7197 vum 16. November 2022 vum Här Deputéierte Sven Clement an vum Här Deputéierte Marc Goergen betreffend den « entretien du chauffage dans un bâtiment du Fonds de logement à Differdange ».**

De Fonds du Logement ass de 14/11/2022 kontaktéiert ginn an ass direkt op d'Plaz gaange fir e Constat ze maachen. De Constat war, datt d'Heizung effektiv en panne war. Dunn ass och direkt intervenéiert ginn an déi néideg Ersatzstécker si bestallt ginn fir esou schnell wéi méiglech de Problem ze behiewen. D'Awunner vum Gebai goufen doriwwer informéiert esoubal de Constat kloer gemaach war a gewosst war wéi eng Léisung kéint fonnt ginn.

Fir datt d'Leit rëm esou séier wéi méiglech waarmt Waasser haten, ass provisoresch eng elektresch Heizung en place gesat ginn, en attendant datt dat bestallten d'Ersatzstéck ukënnt. Esoubal dat Ersatzstéck do war, d.h. den 18ten November, ass d'Heizung vum Installateur gefleckt ginn an d'Situatioun war berengegt.

Lëtzebuerg, den 05/12/2022.
De Wunnengsbauminister.
(s.) Henri Kox